

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaat
L-1728 Lëtzebuerg
Lëtzebuerg, den 11. August 20121

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Zu Lëtzebuerg gëtt beim Staat, mee och a ville private Betriber um Enn vum Joer d'Primm vum sougenannten 13. Mount ausbezuelt, déi, contrairement zu anere Primme fir besonnesch Verdéngschter ganz héich besteiert gëtt.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Finanzminister gär dës Fro stellen:

- 1) Wéi héich sinn d'Recetten, déi de Staat duerch d'Besteierung vum 13. Mount geréiert? Kann den Här Finanzminister de separate Montant vun der Besteierung vum 13. Mount am ëffentlechen Déngscht am Allgemengen (Staat, Gemengen asw.) a vun der Besteierung vum 13. Mount an der Privatwirtschaft nennen, dat jeeweils fir d'Budgetsjoren 2019 an 2020?

Mat déiwem Respekt,


Roy Reding
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

Référence : 839xf5e88

Luxembourg, le **14 SEP. 2021**

Concerne : Question parlementaire n° 4841 du 12 août 2021 de Monsieur le Député Roy Reding concernant les impôts sur les primes de fin d'année

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA

Äntwert vum Finanzminister Pierre Gramegna op d'parlamentaresch Fro n°4841 vum 11. August 2021 vun dem éirewäerte Deputéierte Roy Reding iwwert Recetten duerch d'Besteierung vum 13. Mount

A senger parlamentarescher Ufro stellt den éirewäerte Deputéierten eng Rei Froen zu de Recetten, déi de Staat duerch d'Besteierung vum sougenannten 13. Mount anhëlt.

Fir d'éischt emol sief gesot, dass Revenuen au titre vum 13. Mount net méi héich besteiert ginn wéi aner Salairen. Dëst gëtt däitlech, wann een net all Mount eenzel kuckt, mä d'Gesamtbesteierung vun den Revenuen op d'Joer kuckt, sou wéi se am Kader vun enger Steiererklärung oder engem Décompte annuel gemaach gëtt. Dass et optesch sou ausgesäit, wéi wann den 13. Mount méi héich besteiert géif ginn, läit dorunner, dass de Barême progressiv ass, an op méi héich Salairen och méi héich Steieren ufalen.

Wann den honorabelen Deputéierte wëll wëssen, wéi vill Recetten den 13. Mount, isoléiert gesinn, fir de Staat erabrénge, esou ass déi Fro nëmmen duerch eng Schätzung ze beäntweren, andeem een d'Differenz hält tëscht der Moyenne vun deenen 11 éischte Méint an dem Montant, de fir den Dezember bezuelt gëtt.

Wann een entspriechend budgétaire Recette'en vun de Méint Dezember a Januar mat deene vu Februar bis November vergläicht, kann een dovun ausgoen, datt d'13. Méint, Primmen, asw., déi Enn des Joer ausbezuel ginn, dem Staat Recetté fir d'Joer 2019 vu ronn 243 Milliounen Euro, a fir 2020 vun 298 Milliounen erabruecht hunn. Et ass drop hinzeweisen, datt den Staat am Joer 2020 an engem Mount duerchschnëttlech 346 Milliounen Euro un Lounsteier Recetten ageholl huet.

An dësem Kontext sief och gesot, dass anescht wéi beim Staat, wou den 13. Mount zesumme mat der Dezember-Pai ausbezuel gëtt, am Privatsecteur, jee no Fall, och d'ganz Joer iwwer aner Primmen ausbezuel ginn. Dofir ass et net méiglech spezifesch ze soen, sou wéi den Deputéierten dat freet, wéi vill Recetten d'Besteierung vum 13. Mount an der Privatwirtschaft erabrénge. Selbstverständlech gëtt an der Besteierung keen Ënnerscheed gemaach tëscht Recetten an der Privatwirtschaft an am öffentlechen Secteur.

Op Basis vun den Donnéeën, déi de Staat als Employeur huet, kann een dovunner ausgoen, dass vun de Paien vun den Agente vum Staat um 13. Mount 2019 ronn 60 Milliounen Euro Steieren ofgaange sinn, an am Joer 2020 ronn 65 Milliounen Euro.